N°4128
Entrée le 19.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden an vun der Madamm Sportsministesch, Martine Hansen op d'parlamentaresch Fro N° 4128 vum 21. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet ING Marathon.**

1. **Wéi vill Leit vun der Police a vum CGDIS ware beim leschten ING Night Marathon am Asaz, a wéi vill Aarbechtsstonnen erginn sech heiraus?**
2. **Wéi héich waren déi geschate Gesamtkäschte fir d'Police an de CGDIS am Kader vum leschten ING Night Marathon?**

Am Kader vum Dispositif prévisionnel de secours vum CGDIS ware ronn 120 fräiwëlleg an haaptberufflech Agentinnen an Agenten engagéiert. Heiraus erginn sech ronn 960 Aarbechtsstonnen. D'Personalkäschte fir de CGDIS belafe sech op 37.500 Euro. Opgrond vun engem Accord tëschent dem CGDIS an dem Organisateur am Viirfeld vun der Manifestatioun, kritt dësen de Montant vu 35.500 Euro verrechent.

Esou wéi schon an der Äntwert op déi selwecht parlamentaresch Froen N° 6332 an N° 789 vum honorablen Deputéierten erkläert gouf, kënne aus evidente Sécherheetsgrënn keng Detailer vun engem Sécherheetsdispositif vun der Police public gemaach ginn. Dëst ass eng operationell Informatioun a läit an der Décisiounsbefugnis vun der Police. De Service vun der Police fir d'Sécherheet vum Bierger ass gratis.

3. **Wéi vill vun dëse Käschte goufe vum Organisateur oder Sponsoren iwwerholl, a wéi héich war de finanzielle Bäitrag vum Staat respektiv vun de Gemengen?**

Den Staat bedeelegt sech mat kengem direkten finanziellen Bäitrag  un dësem Event.

4. **Wéi vill Profit hunn d'Organisateuren vum ING-Marathon 2026 gemaach?**

Des Informatioun huet den Staat net.

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden